**Betreff:** Rausworf aus dem Bâtiment4?
**Von:** Richtung22 <info@richtung22.org>
**Datum:** 05.04.2024, 12:24

Léif Memberen vum CA vu frEsch,

eis huet gëschter e Bréif erreecht, an deem et heescht, dass eise Konschtkollektiv Richtung22 fir Enn Mee eise Büro, Atelier a Studio auszeraumen an de Bâtiment4 ze verloossen hätt. Den Bréif dréit keng Ënnerschrëft, mee d'Signature "Le Conseil d'Administration de frEsch A.s.b.l.".

Mir kënnen net anescht, wéi dovunner auszegoen, dass et sech heibäi ëm e Mëssverständnis handelt. Richtung22 ass e wichtege Pilier vum Bâtiment4, ee vun deene gréissten onofhängege Projeten vun Esch2022 an domat Aushängeschëld fir d'Nohaltegkeet vun der Kulturhaaptstad. Nach am November kruute mir eng "Carte Blanche" vu frEsch ënnerschriwwen, dee vun frEsch subventionéierte Projet geet iwwert Mee eraus. Dass mir d'Gebai an u sech d'Stad verloosse sollen gouf bis elo keng eenzeg Kéier mat eis ugeschwat. Am Géigendeel, bei eiser leschter Entrevue am November hu mir e Plang fir eis Zukunft zu Esch präsentéiert a mat verschiddenen vun Iech diskutéiert.

An eisem Studio am Keller vum B4 stinn d'Deeler vun der Bühn vum Theaterstéck "Ween stoppt RTL?", dat vu frEsch matfinanzéiert gouf. Et hat vill Succès a soll am Hierscht, Wanter an am nächste Fréijoer nees opgefouert ginn. Wou soss wéi am B4 géife mir fir d'Reprise prouwen, wou soss eis Bühn upassen a verstauen. An eisem Atelier ginn grad Iddien fir d'Pride zu Esch dëst Joer entworf, mir si fir dee Projet mat aneren Escher Gruppen vernetzt. Wou soss géife mir eis treffen, wou soss kënne mir schaffen. Eist grousst Workshop-Camp ass fir de Summer am B4 geplangt. Wéi en Deel vun eiser Aarbecht ass net alignéiert mat den [Connexions]-Ziler?

Mir géifen dowéinst gären wëssen ob dës Entscheedung vun Iech sou getraff gouf. Mir géife gären d'Iwwerleeung an d'Grënn hannert der Entscheedung gewuer ginn.

Et ass eis bewosst, dass verschidde Memberen vum frEsch CA sech un de Kritiken, déi mir déi lescht Joeren iwwer d'Escher Kulturpolitik geäussert hunn, stéieren. Verschiddenen gefällt och eise Stil net. Mee wa Konscht onkritesch a gefälleg si muss, fir vun de Kulturpolitiker*innen als wäertvoll betruecht ze ginn, dann hu mer e Problem.

Richtung22 ass mëttlerweil zanter 3 Joer fest zu Esch. Mir hunn net vir, de Bâtiment4 an d'Stad Esch op dës Art-a-Weis ze verloossen. Mir hoffen och Dir gesidd dëse Mail als Ufank fir eng gemeinsam Léisung ze fannen.

Bescht Gréiss,
*Richtung22*